D'Scouts-Joer 2003/2004 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Freides den 26te September 2003 huet sech eis Chefféquippe beim Carlo RV gin, fir mat eisem **ST.Martins-Cheffdag** d'Weichen fir déi nei Saison 03/04 ze stellen. Villes war nei ze iwerdenken, besonnesch am Hinbléck drop, datt et eis éischt Scoutsaison ouni eise Grënner a spirituelle Leeder de Fränz Müller sollt gin. Bei engem gudde Maufel goufen vill nei Iddien zou engem Programmentworf verbonnen, an et gouf décidéiert, datt eis Gruppecheffen mat den neien Hären sollt Kontakt ophuelen zwecks Beschnupperung.
- De Weekend vum 20ten an 21ten September stung ganz am Zeechen vum LGS **Kongress a vum Cheffdag**, deen 2003 zu Réimech oofgehalen gouf, a wou mir mat enger grousser Delegatioun présent waren, fir d'Konsignen vun eisem Verband fir déi nei Saison ze kréien.
- Den 30te September 2003 haten dun eis Gruppecheffen eng **éischt Entrevue** mat den Hären Marcel Groff a Jean Flies, déi d'Nofolleg vum Fränz Müller an der seelsorglëcher Betreiung vun der Poor Duelem ugetrueden haten. Dësen éischte Kontakt, huet eis mat Courage fir d'Zukunft erfëllt, well besonnesch den Här Groff, duerch eng laangjähreg Scoutserfahrung, vill Versteesdemëch fir eis Belanger erkennen geloos guet.
- Vum 6ten Oktober un hunn 4 vun eise Cheffen zu Duelem mat engem **1t-Hëllefcours** ugefaang, fir och op dësem Gebidd méiglechst méih Kompetenz an hir Chefcharge matzebréngen.
- Sou präparéiert hun mir déi nei Saison mat de Kanner a Jugendlechen agelaut. Samsdegs de 4ten Oktober hun d'Wëllef hir **éischt Versammlung** ofgehalen, an d'Explorer an d'Pionnéier hun sech vun Dënschdegs dem 7ten Oktober un nees reegelméisseg vun 19:00 bis 21:00 Auer am Home zesummenfonnt.
- Sonndes den 12ten Oktober hun mir , mat eisem neien Fändel, de Feierlechkeeten vum nationalen **Kommémoratiounsdag** eng gréng Fierwung ginn.
- Sonndes de 26ten Oktober ass de Carlo mat de **Blackbirds** eng **Pizza** iesse gang. Et war dat hire Prais deen sie mat der Camptrophy 2002/2003 gewonn haten.
- Samsdeg den 8ten November war den **Dag vum Baam**. Mir haten eng Aktivitéit mat den Avex zu deem Thema viirbereed, mais irgendwéi hat dat nëtt déi grouss Resonanz gehat. Mat nëmmen 3 treien Explorer hun mir dun eis Beem geplanzt.
- Fir Dënschdes den 11ten November (!) haten mir eis Frënn op Fëlschdrëff an d'Schoul invitéiert fir zesummen **Märtensdag** ze feieren . No engem klengen Szenespill zum Thema hellege Mäerten hun mir bei Kéis a Wain , d'Biller vun eisem 10 Gebuertsdag gekuckt an sou deen flotten Dag rappeléiert.
- Samsdegs den 22te November 2003 war et endlech souweit. Eis Avex-Tüfftel-Equippen waren färdeg an sou konnten 6 verschidden **Seefekëschten** un den Départ vun der Course goen. Och eis Frënn vun de Wëllef waren op d'Rennstreck komm, an hun fir e bës'chen Formel 1- Ambiance gesuergt. Am Flottste war dat eis Meedercher an der „Männerdomaine" Automobilsport gewonn hun.
- Samsdegs den 29ten November hat eng gudd al Traditioun eis fest am Grëff. Eng grouss Zuel **Adventskränz** waren bestallt a mussten fir Owends bei de Leit an der Stuff sinn. Dank der excellenter Viirarbecht vun eiser Amicale, hun miir och deen Problem geléist.
- Den nächsten Dag, um 1ten Adventssondeg, hun e puer Cheffen an eng Partie vun de Meedercher vun de Pio'en mat gehollef bei der **Porte ouverte beim Buttek Mosaik** zu Fëlschdreff.
- Donnegdegs den 11ten Dezember, hun eis Pio'en **d'Krëppchen** an der Duelemer Kiirch opgeriicht. Elo konnt Krëschtdag sou lues kommen.
- Méindes den 22ten Dezember waren mir mat ville Scouten op den Cents gefuer, fir **d'Friddensliicht** vu Betlehem ze kréien.Déi Centser haten e flotten Programm opgestallt fir dëss Feier ze gestalten,

besonnesch de Gospel-Kouer ass a gudder Erënnerung bliwwen. Um Heemwee hun mir eng kleng Halte zu Syren um Kiirfecht gemacht, fir eisem Frënd Sebbi och eng Flaam vu Betlehem op d'Graf ze setzen.

- Op **Helleg Owend** waren mir dann Nomëttes ënnerwee, fir d'Friddensliicht vu Betlehem, e puer Kichelcher an e bës'chen Opmierksamkeet un eeler Mënschen aus eise Pooren ze verschenken. Et ass flott, dat de Pater Flies eis et erméiglecht huet, mat deem Brauch weider kënnen ze fueren an esou e puer Leit Luucht an d'Daischtert vun eiser Zeit ze bréngen. Sou kann wiirklech Krëschtdagsfreed erliefbar gin.
- Nach deen selwechten Dag owends, hun mir Scouten **d'Familjemass op Helleg Owend** matgestaltet. All Branchen hun, sech mat engem eegene Beitrag abruecht, a besonnesch eis Pio'en haten mat hirer Bildmeditatioun vun dem „roude Fleck, deen dat Schwaarzt giel mëcht" eng grouss Opmierksamkeet fir sëch.
- D'Rouh vun de Krëschtdeeg huet nëtt laang ugehalen. Schons de 27ten Dezember hun sëch d'Pionnéier an déi 5 Scouten déi Pionnéier wollte ginn op der Wiss beim Home getraff. Eis 2 heizbar Zelter goufen opgebaut, an dat war den Ufank vun eisem **Wantercamp 2003**. Aus der Nout gebuer (mir waren mat engem Chalet ugeschmiert gin), sinn mir doheem bliwwen an hun eis e laang gehegten Phantasme erfëllt. Zeelten am Wanter bei Minustemperaturen. Ënnert dem Thema „ Lord of the Rings" hun mir bis Dënschdes den 30ten Dezember nach mat, bei RaRo-Wuecht, LAN, Kino , Seelbunn an verschidden Montéesaktivitéiten Monté'en bei d'Pionnéier (Alain, Joelle, Marc, Martine a Sandy) an bei d' Raro'en ofgewéckellt. Jhust d'Raro'en waren an der Stadt an der Jugendherberge. Avex a Pionnéier hun am Home am Zelt oder am Centre bei de Computer geschlof . An dat war wuel flott.
- De 27te Januar 2004 huet eise Grupp seng alljährlech **Generalversammlung** am Home ofgehal, an sou no baussen fir eng Gesond Transparenz an der Vereinsféierung gesuergt.
- Samsdegs den 31te Januar sinn eis Pionnéier bei der **Slowenienofschlossparty** derbei gewiecht. Hei gouf et en Rëmgesinn mat flotte Biller a léiwe Leit, déi deen coole Camp a Slowenien nach eng Kéier lieweg ginn geloos huet.
- Den 2te Februar war den **Ofschlossexamen vun dem éischt-Hëllef** cours deen am Hierscht ugefang hat. Eis Cheffen waren nach all derbei, an eng vun eise Cheftainen (et fängt „Ch" un an hällt mat „eryl" op) huet sech ënnert déi 2 Eischt am Examen klasséiert. All Respekt!!!!
- Samsdes den 28te Februar waren mir mat e puer Explorer zesummenkomm,fir **Fakelen ze bauen**, déi mir owends zu Fëlschdreff verkaaft hun, fir de Fakelzuch bei d'Buergbrennen vun der JAC ze maachen.
- D'Pionnéier hun d'Versammlungen am neie Joer mat enger **Entreprise Kachen** ugefang, all Kéiers en Team vun 2-3 Leit hun fir de Räscht vun der Branche gekacht. Onvergiess ass dobei dem Egide sein Gesiicht, nodeem hien en gudde Maufel Pili-Pili geschmaacht hat.
- No nëmmen 6 Prouwen op der Bühn (éischter war se nëtt opgeriicht) war Samsdegs de 6te März 2004 endlech nees **Teater** op eisem Programm. D'ganz Kulturwelt huet den Otem ugehal, well eisen Teaterensembel déi éischte Kéier zu Duelem sollt optrieden. Mat „dat Schéint an d'Béischt" hun d'Wëllefcher d'Härzer vun de Leit eruwert a virbereed. Dunn koumen d'Pioen mat hire Sketscher „ Handy-Manie" an „Dinner for One" drun. No sou gudder Viirarbecht war d'Eis gebrach, an d'Explorer hun mat hirem Stéck „ Dat geet jo op keng Kouhaut" dem Ganzen e würdegen Ofschloss bereed. Och eis Amicale huet eng grouss Arbecht geleescht, a sou konnt d'Teatersaison mat allgemenger Zefriddenheet ofgeschloss gin.
- Dënschdes den 9te März haten mir all eise Scouten an all d' Frënn a Wohltäter vun de gréngen Hiemer owends an den Home invitéiert, wou mir mat Gegrills an Gedrénks den **11te Gebuertsdag vum Grupp** St. Martin Duelem gefeiert hun.
- Sondes den 28te März 2004 waren nees vill der Grénghiermer vun Duelem aus ennerwee. De **Splash 2004**, hat eng grouss Zuel vun eise Scouten op de Plang geruff, fir durech hiren Asatz, an de Porte-monnaie vun hire Sponsoren, weider Ënntwécklungshëllefprojet'en vun de Scouten an der 3. Welt ze erméiglechen. Ganz houfreg waren mir, datt den **Egide Stümper** aus eisem Grupp, de Rekord vun de meeschte geschwommene Längten opgestallt huet. (Vun de geschwommenen 638,45 km huet den Egide der eléng schon 5, 75km gedrummt dat sinn 0,9 % vun der Streck vun 1 eenzege Scout (0.12% vun den

Schwëmmer). Do haten déi aner 830 Schwëmmer ziemlech gelappt. Egal, et war der Wert. Well ëmmerhin koumen sou 61.603,55 € an d'Kees.

- Donnegdegs den 1ten Abrëll 2004, hun eng ganz Reih vun eisen Scouten mat de Fëlschdreffer Leit an der Kiirch de **Kraizwee** gebied als Viirbereedung op Ouschteren. Sou Aktiounen sinn ëmmer méih wichteg fir eis't Selbstverständnis. wann mir nëtt eise Profil als „krëschtlech Scouten" lues a lues verléieren wëllen, mussen mir eis trauen, zou eisem Glawen an eisen krëschtlechen Traditiounen ze stoen. Eng FNEL geet dach duer ! Oder ?
- Vun Gréngen Donnegdeg owends bis Karfreides den 9ten Abrëll owends waren dunn 5 Explorer mam Carlo lassgezunn, fir bei der „**Operatioun Getsemani**" bewosst déi dramatesch Stonnen vun der Nuecht ze erliewen. Liturgie, Nuetsmarsch an Veillée am Chalet am Bësch sinn ëmmer nees eng ganz déif Erfahrung. An den nächsten Daag hun sie och nach en Eisen-Gestell bei den Home gebaut fir esou Uerdnung an eisen Konstruktiounsholzstock ze brëngen.
- Et huet sech well zenter ville Joeren als Traditioun agebiergert, datt d'Chefféquipp op Ouschterméindeg den Terrain an d'Géigend vum Avex-Summercamp inspizéiert. Duerfir sinn mir Cheffen den 12 Abrëll zesummen beim Bäschdrëff op der Wiss an an de Bëscher gelaaf, fir déi éischt konkret Pläng fir den SPQR- Camp ze machen.
- Fir Samsdegs den 17ten Abrëll hat d'Kulturkommissioun vun der Gemeng Duelem op **d'Grousbotz** gerufft. Vill Scouten waren nees derbei, fir d'Gewan ze botzen an ze raumen. Elo konnt et Fréijoer gin.
- Vill Arbecht louch virun eis. Fir nees nei Wëllefcher ze fannen war décidéiert gin, fir Samsdegs den 24ten Abrëll en **Schnupperdag bei de Scouten** ze maachen. Mat vill Asatz war e Parcours organiséiert gin, deen eis Gäscht duerch Bësch a Gewaan, bei enger ganzer Rëtsch typeschen Scouts-Attraktiounen laanscht geféiert huet. Mir haten all Hänn voll ze dinn, fir an der geplangter Zeit färdeg ze ginn, an owends waren e puer nei Adressen op eiser Lëscht vermierkt. Et hat sech also rentéiert.
- Während d'Explorer nach hir **Expeditioun „ Fotographie**" ofgeschloss hun, waren d'Cheffen schons am gang
- de **Pélé des jeunes 2004** viirzebereeden. Samsdegs den 1 te Mee sinn mir mam Bus op Nouspelt an d'Jentges-scheier gefuer. No enger langer Veillée (oh Carlo) an enger kurzer Nuechtsrouh (oh je) sinn mir an déi geheimnisvoll Rouh vun der Nuecht opgebrach. No langem Wee mat passenden Gebietszeiten , Kolas-paus am Bësch an der Versuchung zum Schluss de Bus ze huelen (mir hun widerstan), sin mir jhust zur Zeit an der Kathedral agetraff. Eng flott Plaatz kruten mir ganz viir, a no engem klengen Nickerchen während der Mass, war nees all Mënsch monter beim Kaffidrénken um Märtchen.
- Vun Dënschdegs dem 18te Mee 2004 owends un war décke Betrieb op der Scoutswiss. Grouss a kleng Zelter goufen opgeriicht, a masseg Geschirr ass op d'Wiss bruecht gin. Well :
- **d'Playbackshow an d'Scoutskirmes** waren fir den 19ten an 20te Mee 2004 ugesoot. Mat der cooler Bühn vun den LGS huet eis't Fest nach méih flott gewierkt an mir haten eng Bommestëmmung bei der Playbackshow. Mais och den aneren Dag, wou vill fleisseg Hänn, besonnesch och vun eiser Amicale, matgehollef hun war e grousse Succès, an de Raym huet mat Genugtuung an seng Kees kënnen kucken.
- Samsdes den 29te Mee , fréih moies, stungen d'Lis an de Steve zu Fëlschdrëff mat 2 décken Camionetten an hun monter Scouten a Material gelueden. **D'Pio'en** goungen op de **Paischtcamp**. 8 Deeg hun sie an der Drôme e ganz heemlechen well klengen Camp mat allem Drum und Dran erliewt. Jhust de Mistral huet genervt, an d'Zelter ëmmer nees an e Koup geheit. Villeicht lé'en mir eis dach nach Scoutsmobilhomer zou?
- Samsdegs den 12te Juni war eng „**messe des jeunes" zu Wourmer** als Viirbereedung op d'JMJ 2005 zu Köln. Do sollt och d'Jugend aus dem Poorverband Duelem hir Kopie vum JMJ-Kraiz iwerreecht kréien. Kloer dat mir do wollten derbei sinn. Wéinst internen Kommunikatiounsschwieregkeeten kruten mir awer nëmmen d'Explorer zur Zeit heivun informéiert. Dobei sinn eigentlech d'Pionnéier déi richteg Zielgrupp fir d'JMJ. Sou koum et, datt mir zwar präsent waren, awer bal nëmmen mat Explorer. Duerfir wärten mir an der neier Saison alles drun setzen, fir Iech léiwe Pionnéier, dëss flott an eemoleg Gelegenheet vun der JMJ méi nozebréngen. *Haalt Iech schons lo den Datum vum Samsdeg den 23ten Oktober owends frei. Do ass Ettelbréck nees eng Jugendmass mat der JMJ-Caravanne, an do wärten mir net feelen*. Dir kritt awer nach méi Detailer matgedeelt.

- Vu Samsdegs den 19ten Juni op Sondes den 20te Juni waren d'Explorer nees um Dill. E klenge Grupp vun hinnen huet sech um **Perfectionnementsweekend zu Lenningen** an den Techniken „ 1. Hëllef, Orientatioun, a Kniet" weidergebild. Och gesanglech sinn mir do méih staark gin an eng Reih Badger hun deen Progrès och dokumentéiert. Lo waren mir viirbereet, an de Summercamp konnt kommen.
- Déi läscht 2 Versammlungen goufen dun nach genotzt, fir schons Holz a Material op d'Wiss an de Bäschtreff ze bréngen an éischt Konstruktiounen viirzebereeden, a schons war de groussen Dag do.
- Donnegdeg moies den 15te Juli hun sëch d'Explorer zu Fëlschdreff RV ginn. Mat de Velo'en goung et op den **SPQR-Camp**. 10 Deeg als Réimer stoungen do um Menu, mat als Beilagen: Visiten, Réimescht Bad, (Velos)Hike an d'Réimesch Haaptstadt (Augusta Treverorum) , Kayak, Elterenowend Sport Wahlkampf a vill Donnerwierder. Eis't JMJ'sKraiz huet eis op de Camp begleed, an um Enn war d'Material ganz an drëschen !! nees doheem, et war keen krank ginn an mir haten keen een gielen Ziedel (Accidentsformulaire) gebraucht. Och de Verbrauch un Verbandmaterial fir kleng Bobo'en war op Rekordtiefstand bliwwen(an dat trotz Velo a vill Handarbecht). Den hellege Mäerten hat gudd op eis opgepasst. De 24te Juli owends konnten d'Explorerhiemer op d'Sait geluecht gin, sie haten ab elo Paus (eng kleng Wäsch hätt hinnen och gudd gedoen).
- Mais d'Saison war nach nët ganz eriwer. Well vum 21 bis den 25te Juli waren nach eis Wëllefcher op d'Rees gang mam **Europa-camp** hun sie zu Stroossen (matten an Europa) e flotten a léierreichen Camp erlieft.
- An doniewt, waren eis RaRo'en (also déi ganz Grouss ab 18 Joer) vum 22te Juli bis den 1ten August op engem groussen internationalen Scoutscamp bei Lasauvage , also och hei am Land. Um **4You** waren sie mat e puer honnert Scouten aus ganz verschiddenen Länner aus 4 Kontinenter zesummen, an sou konnten sie déi international Dimensioun vun der Scoutebewegung erliewen. No dësem extra Erliefness hätt een kënnen mengen, eis Cheféquippe hätt d'Box voll gehat mat dene gréngen Hiermer an allen waat domat zesummenhänkt. Mais weit gefeelt, well eng ganz Reih vun eise jonke Cheffen hun an der Vakanz hir Zeit hirginn, fir zesummen mat eisem neien Materialmeeschter, dem Jérôme, Uerdnung a System an eise Keller an eisen Home ze bréngen. Vill Stonnen hun sie investéiert, fir et flott a „cosy" an eisem Home ze maachen. Lo fannen mir och villeicht mol eis't Material erem ouni eng Fahndung bei Interpolé ze maachen. Hëllef och Du mat, dass dëss Uerdnung Bestand huet.

Niewt dësen Aktivitéiten gehéieren weider opgezielt: Ëm déi 90 Versammlungen mat eise Scouten (all 4 Branchen zesummen), 4 Grupperéit, an eng ganz Rëtsch Präparatiounstreffen vun de Cheffen. D'Vakanz war dach verdéngt oder ?